

*Pressekomuniké vum 5. Juni 2016*

Et ass net an de Gewunnechte vun der ADR, wëll ze spekuléieren. Iwwer d'Kandidatur vum Här Alex Penning, Generalsekretär vun eiser Partei, fir de Staatsrot, hu mir d'Éffentlechkeet informéiert, nodeems mir mat engem Bréif den Här Staatsminister Bettel informéiert haten. D'Detaillier vun de Gespréicher tëscht Regierung an ADR hu mir guer net an d'Éffentlechkeet ginn. Anescht d'Regierung: Si zielt engem Deel vun der Presse, dat den Alex Penning net zeréckbehale gouf, nach ier mat eis geschwat gouf oder mir dat schrëftlech offiziell matdeelt kritt hun. Dat ass einfach ganz schlechte politesche Stil.

Sollt awer dem Alex Penning séng Kandidatur net guttgehale gi sinn, wëll d'ADR dës Punkten zréckbehalen:

D'Regierung huet der ADR e Posten am Staatsrot proposéiert mat engem Profil, deen wéi fir den Alex Penning op Mooss geschriwwen war. Hien erfëllt mat senger Formatioun, senger Kompetenzen a senger beruflecher Erfahrung genee dee Profil.

D'Regierung war fräi, fir dëst ze maachen, mat oder ouni neit Gesetz iwwer de Staatsrot. Tatsächlech haten DP an Déi Gréng scho wéi si an der Oppositoun waren, d'ADR-Fuerderung no engem Staatsrotsposten ënnerstëtzt.

D'Regierung huet der ADR nogeluecht, bei gläiche Kompetenzen eng Fra ze nennen. Si wollt esou eng Bestëmmung vum neie Gesetz iwwer de Staatsrot virewechhuelen, dat jo nach net gestëmmt ass. D'ADR huet vill héig qualifizéiert Fraen an der Partei, awer keng, déi esou gutt op de Profil passt wéi den Alex Penning. Dowéinst huet och keng Fra vun der ADR hier Kandidatur parteiintern gestallt.

D'ADR aktéiert, datt d'Regierung dës Poste elo wëll der CSV ginn, nodeems d'CSV kierzlech eng Fra aus dem Staatsrot duerch e Mann ersat hat.

D'ADR aktéiert och, datt no zéng Postebesetzungen am Staatsrot während der Gambia-Regierung 1 Fra manner am Staatsrot ass, wéi virdrun, ouni datt je vun enger Quoteregulierung riets war.

D'ADR ënnersträicht, datt si déi eenzeg Partei zu Lëtzebuerg ass, déi sech géint eng Quoteregulierung wiert. Et ass paradox, datt ausgerechent deen éischte Staatsrotskandidat vun der ADR iwwer eng Quoteregulierung an e falsch verstanene Gläichheetsprinzip soll falen, obwuel dës Quoteregulierung keng gesetzlech Basis huet.

D'ADR freet sech, wéi eescht et der Regierung war, wéi si d'ADR gebieden huet, fir e Kandidat ze nennen? War dat Gambia-typesch Aawëscherei oder konnten am Endeffekt Déi Gréng hire feministeschen Extremismus géint DP an LSAP duerchsetzen?

D'ADR wäert elo ganz genee verfolgegen, wat an deene nächsten Deg geschitt. Mir loossen eis keng Diskriminatioun vun eisem Kandidat Alex Penning op Grond vu sengem Geschlecht gefalen. Mir sinn entsat, wéi liichtfankeg hei eng seriö a valabel Kandidatur wéinst ideologesche Spillecher ecartéiert gëtt.

D'ADR ass weider konsequent der Meenung, datt nëmmen eppes am Liewen, an der Politik an am Staatsrot darf zielen: Kompetenzen a Qualifikatiounen, ouni Rücksicht op d'Geschlecht.